CSV
FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg, den 04. November 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
04 NOV. 2019
1428

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weider ze leeden.

Am Juni gouf eng weider Reform vun der Beruffsausbildung gestëmmt. Mat dësem Gesetz huet d'*Validation des acquis de l' expérience* (VAE) keng gesetzlecher Basis méi an der Beruffsausbildung. An dëst op Grond vun Feeler am Gesetz.

D' CSV hat en Amendement deposéiert vir dëse Feeler ze corrigéieren. En Amendement, deen vun der Majoritéit net ugeholl ginn ass.

Obwuel den Här Minister dëse Feeler och agesinn hat, an ënnerstrach hat esou schnell wie méiglech eng Gesetzespropositioun auszeschaffen vir dëse Feeler réckgängeg ze maachen, ass dëst, eisen Informatiounen no, nach net geschitt.

Op Grond vun dësen Informatiounen well ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

- Sinn aktuell Kandidaten derbäi hir VAE fir d' Beruffsausbildung ze maachen?
- Wann jo, ob wéi enger gesetzlecher Basis ginn des Dossier`en traitéiert?
- Wéini gedenkt de Minister der *Validation des acquis de l' expérience* an der Beruffsausbildung eng gesetzlech Basis ze ginn, respektiv de Feeler am Gesetz zur Beruffsausbildung ze redresséieren?
- Sinn all d' groussherzoglech Reglementer déi am Gesetz virgesi waren ausgeschafft a publizéiert?
- Wann nee, wéi eng Reglementer feelen nach a wéini ginn des publizéiert?

Mat déiwem Respekt,

Martine Hansen
Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 10 décembre 2019

Monsieur le Président de la
Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1428 de Madame la Députée Martine Hansen**

**Ad 1)**

Et sinn aktuell Kandidaten, déi hir VAE fir d'Beruffsausbildung maachen. D'Dossiere gi weiderhin traitéiert, an d'Persoune ginn an hiren Demarchë begleet. D'Avisen zu der VAE gi geschriwwen an d'Dossiere gi virbereet fir d'Sëtzunge vun der Autorité Nationale. Dëse Prozess dauert an der Reegel 12 Méint. An deene kommende Méint soll dann d'gesetzlech Basis geschafe ginn, fir d'Certificatioun duerch d'Autorité Nationale um Enn vun dësem Prozess kënne virzehuelen.

**Ad 2) an 3)**

De Service de la Formation professionnelle ass amgaangen, déi gesetzlech Basis ze iwwerschaffen a verschidden Elementer ze redresséieren, respektiv ze präziséieren. Den entspriechenden Avant-projet de loi wäert Enn Januar op den Instanzewee geschéckt ginn.

**Ad 4) an 5)**

Déi Reglementer, déi fir de gereegelten Oflaf vum Schouljoer wichteg sinn, sinn ausgeschafft a publizéiert ginn. Dozou gehéieren z. B.:

- Règlement grand-ducal du 15 août 2019 portant sur l'évaluation et la promotion des élèves de la formation professionnelle;
- Règlement grand-ducal du 26 octobre 2019 fixant les référentiels d'évaluation dans le cadre de la formation professionnelle,;
- Règlement grand-ducal du 1er août 2019 1. fixant les modalités pour accorder et retirer le droit de former un apprenti et 2. relatif à la prorogation et à la résiliation du contrat d'apprentissage, (...).

Zu de Reglementer, déi aktuell nach ausgeschafft ginn, gehéieren:

- dat iwwer de Conseil de classe an de Contenu vum Bulletin
- dat iwwer d'Formation en cours d'emploi
- dat iwwer de Groupe de pilotage
- dat iwwer den Apprentissage transfrontalier.



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

127-000188-20040816-FR

Dës Reglementer sinn an der Ausaarbechtung a wäerten och an deene kommende Méint op den Instanzewee geschéckt ginn.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse